REÇU
Par Magda Santos , 10:38, 02/04/2021



CSV FRAKTIOUN

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 2. Abrëll 2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 87 vum Chambersreglement et virgesäit, wollt ons Fraktioun eng **Heure d'actualité** zum plan national d'Organisation des secours (PNOS), a méi speziell zum SAMU Lëtzebuerg 2 ufroen.

An engem *Document de synthèse* huet den Inneministère, sou wéi et vum ofgeännerte Gesetz vum 27 Mäerz 2018 virgesinn ass, rezent de PNOS publizéiert. Heira gëtt een Inventaire vun alle méigleche Risike fir d'Land a Leit gemaach an determinéiert, wéi de CGDIS kann seng Aufgaben erfëllen. Niewent der Ëmsetzung um Terrain ass et och wichteg, neit Personal ze rekrutéieren an och de Benevolat innerhalb vum CGDIS weiderhin ze fërderen.

Mee och de SAMU Lëtzebuerg 2 spillt eng wichteg Roll am Rettungswiesen. Dëse soll à terme vun Hesper an de Centre national d'incendie et de secours CNIS plënneren.

Dofir géif ech gären dës Sujet'en am Kader vun engem Debat uschwätzen a folgend Theme beliichten:

- Wéi soll de PNOS konkret um Terrain ëmgesat ginn? Wéi ginn d'Personal an d'Gemenge bei der Ëmsetzung mat agebonnen?
- Wéi soll d'Rekrutementspolitik an Zukunft ausgesinn? Wéi soll de Benevolat innerhalb vum CGDIS gestäerkt ginn?
- Kann de SAMU Lëtzebuerg 2 och an Zukunft gutt an déi operativ a logistesch Ofleef agebonne ginn?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Marc Lies
Deputéierten